ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

CHAMBRE DES DEPUTÉS
Entrée le:
29 AVR. 2015
1089

Här Mars di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 29. Abrëll 2015

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Banneminister weiderzeleeden.

De „Fluchthelferweg" bei Ëlwen (Sentier des Passeurs Troisvierges) ass eng flott historesch an touristesch Initiativ am a vum Naturpark Our. D'Schëlder op dem Wanderwee, dee ganz no laanscht Cinqfontaines geet, maachen awer keng Referenz op d'Klouschter an där Uertschaft. Et war do, wou déi Lëtzebuerger Judden hibruet gi sinn, ier si dunn op Auschwitz oder Theresienstadt transportéiert gi sinn.

Am historesche Kontext vu Resistenz an Zwangsrekrutéierung awer och vum Artuso-Rapport a vum ugeduechte Mémorial fir d'Shoa an d'Juddeverfolgung am Zweete Weltkrich wollt ech dem Här Banneminister, deem säin Haus Partner beim „Fluchthelferweg" ass, dës Froe stellen:

1. Gëtt op den historeschen Tafele vum „Sentier des Passeurs" op d'Roll vum Klouschter Cinqfontaines am Zweete Weltkrich higewisen? Wann nee, firwat net?
2. Ass et méiglech, am Fall wou dat net esou ass, d'Schëlder an déi Richtung ze ergänzen?
3. Kann den CNA, en anere Partner an deem Projet, beoptragt ginn, d'Begleitbroschüre an eventuell de Kuerzfilm iwwer de Wanderwee an déi Richtung ze ergänzen?
4. Ass et denkbar, datt d'asbl Memoshoah, déi sech staark mëcht fir d'Klouschter als „centre de rencontre et de mémoire de la Shoah" ze notzen, am Partenariat mat dem Naturpark Our matschaffe kann, fir déi do Froen klären ze hëllefen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Développement durable
et des Infrastructures

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
15 JUIN 2015

Luxembourg, le 1er juin 2015

Le Ministre aux Relations avec le Parlement SERVICE CENTRAL DE LEGISLATION	
Reg.:	SCL:
Entré le: 12 JUIN 2015	
CE:	CHD:
A traiter par:	
Copie à:	

Monsieur Fernand Etgen
Ministre aux Relations avec le Parlement

Service Central de Législation
43, boulevard F.D. Roosevelt
L – 2450 Luxembourg

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse conjointe du Ministre de l'Environnement et du Ministre de la Culture à la question parlementaire N°1089 du 29 avril 2015 de l'honorable députée Monsieur Fernand Kartheiser, concernant le Sentier des Passeurs à Troisvierges, tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

Dieschbourg

Carole Dieschbourg
Ministre de l'Environnement

Adresse postale: L-2940 Luxembourg
4, Place de l'Europe
Luxembourg/Kirchberg
Téléphone: 247-86940
liette.mathieu@mat.etat.lu

Réponse de Madame Carole DIESCHBOURG, Ministre de l'Environnement et de Madame Maggy NAGEL, Ministre de la Culture à la question parlementaire n° 1089 du 29 avril 2015 de l'honorable Député Monsieur Fernand KARTHEISER

Den Naturpark Our huet de Projet 'Sentier des passeurs' an Zesummenaarbecht mat der Gemeng Elwen an Zäitzeien (Passeursoperatiounen) am Joër 2006 realiséiert. De Projet huet folgend Produkter ëmfasst: 8 Informatiounstafelen (D, F, NL), 1 Flyer (D, F, NL), 1 DVD mat engem Kuerzfilm (25 min, L, D, F, NL).

Am Mëttelpunkt vum Projet stong d'Geschicht vun den Passeuren an den Zwangsrekrutéierten, déi duerch si an den Joren 1943 an 1944 an d'Belsch flüchten konnten. Duerch dësen Themenschwéierpunkt an Tatsaach, dat de Wanderwee Cinqfontaines net beréiert gouf, ass d'Klouschter Fünfbrunnen, als Tëschelager fir d'Deportatioun vun Lëtzebuerger Judden, am éischte Projet 2006 net thematiséiert ginn.

Mëttlerweil schafft den Naturpark Our mat neien digitalen Kommunikatiounsmëttelen. Entstannen ass d'Konzept vum sougenannten 'Diginaf' (Digitaler Naturparkführer), e.a. och fir d'Opstellen vun ze villen Tafelen am Naturpark ze vermeiden. Den digitalen Guide ass een GPS-Handheld, mat deem de Wanderer ouni Balisage oder Panneau een thematischen Wee kann ofgoen. D'Wanderstreck gët um Bildschirm visualiséiert an ënnerwee kritt den Wanderer un bestëmmten Punkten automatisch standort- an kontextbaséiert Informatiounen a Form vun Texter, Bild, Toun- an Videobäitreeg.

An deem Zesummenhang ass och de Projet 'Sentier des Passeurs' 2014 weiderentwéckelt ginn. Den neien digitalen Guide 'Diginaf Sentier des Passeurs' gouf ëm Themen ergänzt, e.a. och ëm d'Thematik 'Klouschter Fünfbrunnen'. D'Weestréck proposéiert een Ofstiecher (1,2 km) op Cinqfontaines bei d'Auschwitz-Monument an de Wanderer kritt zwee Informatiounsbäitreeg (Text, Toun- a Bildmaterial) iwwert den historischen Hannergronn vum Klouschter Fünfbrunnen am Kontext mat der Deportatioun vun Lëtzebuerger Judden an iwwert d'Symbolik vum Auschwitz-Monument.

Den CNA ass Partner an dem Projet an huet Biller aus dem Film "Heim ins Reich" zur Verfügung gestallt. Den CNA kann den Documentaire "Sentier des passeurs" an d'Brochure déi et iwwert dësen Erënnerungswee gëtt complétéieren wann dëst noutwendeg ass, an steet zur Verfügung, wann et drëm geet déi historesch Plaz vum Klouschter vun den Häerz-Jesu Pateren nach méi en Valeur ze setzen.